

Wat nun déi parlamentaresch Aarbechte fir déi nächst Woch ubelaangt, as d'Commission de Travail haut de Moiën zesummekomm a schléit lech folgendes vir:

- mir siégéieren en Dënschden, den 9. Februar, um 3 Auer, e Mëttwoch, den 10. Februar, um halwer 3, an en Donneschden, den 11. Februar, nach eng Kéier um halwer 3.

En Dënschde steet op eisem Ordre du jour den Débat iwver d'Aussepolitik. Den Ordre du jour gët evaküiert, och wann d'Sëtzung iwver halwer 7 muss erausgoen.

E Mëttwoch hu mer d'Aktualitéitsdebatt iwver d'Entwécklungshëllef. Hei as eng Riedezäit vun 20 Minutte pro Fraktioun virgesinn.

En Donneschden hu mer dann de Projet de loi 4410 iwver d'Atomtester um Programm. Bei dësem Projet gët

mat enger Majorité qualifiée nom Artikel 114 vun der Verfassung ofgestëmmt. Ech wëll dorop opmierksam maachen, fir dass Der all present sid. D'Debatt iwver d'Suiten nom Rapport vun der Spezialkommissioun iwver d'Dysfonctionnement am Gesondheitsministère kënnt och en Donneschden un d'Rei, an do as d'Riedezäit pro Groupe politique op 30 Minutte beschränkt.

Ech wollt d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du Jour d'accord as?

(Assentiment)

Et as also esou décidéiert.

Mir wiren um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung as opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.32 heures)

25^e séance

Mardi 9 février 1999

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Henri Grethen, Vice-Président

Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de Mme Madeleine Frieden-Kinnen, ancien Ministre
2. Communication
3. Débat sur la politique étrangère du Gouvernement

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; Mme Lydie Err, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.05 heures)

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Hommage à la mémoire de Mme Madeleine Frieden-Kinnen, ancien Ministre

Dir Dammen an Dir Hären, an der Nuecht op e Méindeg as d'Mme Madeleine Frieden-Kinnen, fréier Staatssekretärin a Ministerin, gestuerwen.

An engem Brëif, dee mir vun hirer Famill iwverreecht gin as, wëllt d'Mme Frieden keen Noruff, wéi dat hei Usus as, mä si bied mech, folgendes matzedelen, e Wonsch, deem ech och wëll nokommen.

"Au moment décisif où je me trouve en face de la mort, je déclare solennellement - ce que je n'ai pas eu le droit de faire de mon vivant - que j'ai été victime d'une erreur judiciaire, que je pardonne à ceux par qui ce malheur est arrivé et qui ont peut-être eux-mêmes été induits en erreur par des malentendus. Et que je remercie tous

ceux qui, malgré les apparences, m'ont gardé leur confiance et leur estime. Je les assure une dernière fois que je méritais cette confiance et cette estime.

Dans l'espoir qu'on ne me refusera pas ce vœu ultime, je pars en toute sérénité vers cette nouvelle vie où il n'y a ni injustice ni faux semblants, où tout est clarté et vérité.

Ex umbris et imaginibus in veritatem. Madeleine Frieden-Kinnen."

Ech wëllt Iech bidden, der Mme Frieden eng Minutt an aller Stëll ze gedenken.

Ech soen Iech merci.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen.

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen an Äntwerten as um Büro déposéiert an un d'Fraktioun verdeelt gin.